# aktuell actuel

Monatszeitschrift des OGB•L - Mee 2006 - N°4









## Spécial 1er Mai et Tripartite



*Les principaux axes de l'accord tripartite du 19 avril 2006 (page 12)*

# Sommaire
# Inhalt


3 

**28. Abrëll zu Sandweiler**
1. Mee-Usprooch vum OGB•L-President

9 

**Etat de la Nation**
Le Gouvernement doit agir :
l'OGB•L continuera à défendre le modèle social !

10

**Lage der Nation**
Die Regierung ist gefordert: für den OGB•L gilt es weiterhin das Sozialmodell zu verteidigen!

12 

**Accord tripartite du 19 avril 2006**
Les principaux axes et l'enjeu des discussions


*En raison de l'actualité politique - conclusion de l'accord tripartite en date du 19 avril 2006 et déclaration du Premier ministre sur l'état de la Nation - nous avons décidé d'informer sans tarder et en toute objectivité nos membres des décisions prises, largement commentées dans la presse nationale.*

*Le tableau des pages 12 à 15 présente les principaux axes de l'accord en juxtaposant le compromis accepté et les revendications du patronat et du Gouvernement. Les acquis sociaux de travailleurs étaient sérieusement en péril et l'enjeu était énorme !*

*Si les négociations se sont soldées par un compromis accepté par l'OGB•L, nous restons néanmoins mobilisés. Le modèle social luxembourgeois doit être défendu continuellement !*

1. Mee.lu



Jean-Claude Reding
Präsident

# 1.-Mee-Usprooch

## vum OGB•L-President Jean-Claude Reding

## den 28. Abrëll 2006 zu Sandweiler

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Mir hunn zënter Ufank vum Joer dauernd schlecht Noriichten a punkto Beschäftegungspolitik. TDK, VILLEROY & BOCH, WSA sinn déi bekanntesten, da gëtt et d'Ofbaupläng bei der LUXAIR a mir kennen d'Risiken, déi bei der ARCELOR wéinst der Mittal-OPA bestinn, a mir sollen och d'Restrukturéierung vun der Arcelor am Kader vum Plang LUX 2006 net vergiessen.

Dës Woch sinn erëm 263 Aarbechtsplaze verluer gaangen, dës Kéier am Commerce. Den Traditiounsbetrib MONOPOL SCHOLER hält op, well e sech net un d'Changementer am Handel ugepasst kritt. Mir hunn an de leschte Wochen eis Solidaritéit mat de Leit vun der TDK, der VILLEROY, der WSA gewisen, an op eisem Solidaritéitstour 15000 Ënnerschrëften gesammelt. Des Solidariteit gëllt och fir déi Beschäftegt vum MONOPOL. Den Aarbechtsminister, d'ADEM si gefuerdert fir ze hëllefen, datt déi Beschäftegt vum MONOPOL esou séier ewéi méiglech erëm eng Aarbecht fannen. Mä och d'Employeuren aus dem Commerce si gefuerdert.

Den OGB•L huet viru kuerzem mat der CLC vereinbart, de Sozialdialog am Handel am Secteur ze beliewen. Dat gëllt och fir d'Beschäftegungspolitik. Den OGB•L huet duerfir Kontakt mat der CLC opgeholl, fir iwwer déi Fro ze diskutéieren, dat soll schons d'nächst Woch geschéien.

Den OGB•L fuerdert och, datt Léisunge fir déi Beschäftegt bei der WSA fonnt ginn, an hei steet ganz eendeiteg d'Regierung an der Pflicht. D'WSA ass e Betrib, deen op politeschen Entscheedunge berout, e gehéiert quasi zu den ëffentlechen, de staatleche Betriber hei am Land, an duerfir huet de Staat och eng direkt Verantwortung vis-à-vis vun de Leit déi do schaffen.



Dir Damen an dir Hären,
Léif Kolleginnen a Kollegen,
Léif Gäscht,

Dës Versammlung vun eisem erweiterten Nationalvirstand steet am Zeeche vun eisen Aktivitéiten ronderëm den 1. Mee.

Den OGB•L a seng Virgängerorganisatioune stinn um Ufank vun den 1. Mee-Feieren zu Lëtzebuerg. Den éischte Mee war laang Joeren e Kampfdag vun der Gewerkschaftsbewegung, d'1. Mee-Demonstratiounen waren e Bestanddeel vun der gewerkschaftlecher Aktioun, si si vum Patronat a vun de konservativen a liberalen politesche Kreeser bekämpft ginn, awer och vun Deeler vun der Aarbechterbewegung selwer. Den 1. Mee ass e Feierdag ginn, iwwregens niewend dem Nationalfeierdag deen eenzegen nët religiése Feierdag, mä mat der Zäit sinn d'1. Mee-Demonstratiounen zu engem Ritual ginn. A Ritualer lähmen d'Bewegung. Eng Gewerkschaft ass awer eng Bewegung, si muss sech änneren, hier Aktiounsformen upassen, hiert Optrieden änneren. Traditiounen, Geschichtsbewosstsäin erhalen ass wichteg, mä ouni a Ritualer ze verfalen.



Den OGB•L huet seng Aktiounsformen an de leschte Joere geännert, moderniséiert, d'Erscheinungsbild vum OGB•L huet sech geännert, ass och méi modern ginn. Dofir hu mir och definitiv décidéiert den 1. Mee anescht ze feieren. En 1. Mee ass e Moment, wou mir Stellung huelen, dat maache mir haut den Owend.

Den 1. Mee ass awer och e Feierdag. Eise Feierdag an duerfir hu mir decidéiert e Sonndeg den Owend an e Méindeg ze feieren: e Fest vun der Kultur an der Aarbecht ze organiseieren. Och fir ze weisen, datt mir den Terrain vun der Kultur nët der Kulturindustrie an dem Sponsoring aus der Finanzwelt iwwerloossen. Kultur gehéiert ewéi d'Wëssen zu eisem Bild vun engem emanzipéierte, fräie Mensch.

Kolleginnen a Kollegen,

Wéi den OGB•L viru 27 Joer gegrënnt gouf, war ee vun den Ziler d'Iwwerwanne vun den Statusënnerschidder zweschen Aarbechter, Privatbeamten a ëffentleche Beamten, d'Schafen vun enger gemeinsamer Organisatioun vun alle schaffende Leit, vun deenen, déi am aktive Liewe stinn, vun deenen déi an der Pensioun sinn.

Den OGB•L ass haut déi éischt Organisatioun bei den Aarbechter, mä och bei de Privatbeamten. Den OGB•L ass an alle Secteure vun eiser Ekonomie vertrueden. D'OGB•L- Memberen sin e repräsentative Quierschnëtt vun de Salarieën aus eiser Ekonomie. Et ass eis gelongen eng modern, effektiv an unerkannte Gewerkschaft zu Lëtzebuerg ze schafen. D'Schafe vun engem modernen, eenheetlechen Statut vum Salarié, deen sech um Statut vum Privatbeamten orientéiert ass eng fortschrëttlech Sozialreform, déi nei Perspektiven an der Organisatioun vun der Sécurité sociale opmécht, déi handwierklech an technesch Beruffer méi attraktiv mécht, déi hëllefe kann d'Lounniewekäschten ze senken, déi en Innovatiounsschub an eis Gesellschaft bréngt. Mir hunn elo en Accord de principe op där Fro. Mir hunn eng Deadlinie bis Enn dës Joërs. Mir hunn en Engagement vun der Regierung, e bedingte Jo vum Patronat. Mir mussen dat elo ëmsetzen, an do stinn och déi zwou Regierungsparteien am Wuert.

De Chômage zu Lëtzebuerg huet sech an e puer Joër quasi verduebelt. Dat huet grouss Auswierkungen op d'Staatsfinanzen, dat hu mer an der Tripartite diskutéiert, dofir musse mer d'Solidaritéitssteier héijen, eng Steier déi vun alle Biirger awer och vun de Betriber bezuelt gëtt, eng sozialgerecht Steier, déi eng Steier op der Steier ass, also och d'Situatioun vum Akommes berücksichtegt.

De Chômage trëfft haut all Alterskategorien, déi Jonk, déi net déi Qualifikatiounen hunn déi gesicht ginn. Déi Léit ab 45-50 Joer déi schons ofgeschriwwe sinn, zum alen Eise gezielt ginn, déi gesot kréien si wieren ze deier well si verlaangen, datt och hier beruflech Erfahrung an hirer Pei misst berücksichtegt ginn.

De Chômage trëfft d'Leit, déi d'Affer vu Faillite ginn. An do stellt ee fest datt eis Gesetzgebung d'Interessi vun dëse Léit nët genuch schützt. Do besteet Reformbedarf.

De Chômage trëfft d'Leit, déi d'Affer vun industriellen Entscheedunge ginn, vu kommerziellen Entwécklungen. An och op deem Plang brauche mer gesetzlech Verbesserunge fir Restrukturéierunge fréizäiteg virzebereeden, fir eng besser virausschauend Personalpolitik ze maachen. Mir brauchen nei Instrumenter fir och bei Restrukturéierungen d'Leit an



der Aarbecht ze halen, fir d'Iwwergäng vun enger Aarbecht op eng aner esou z'organiséieren, datt d'Leit nët musse stempele goën, datt se nët a Prekaritéit an Armutt ofrutschen. Mir brauchen och méi Intrumenter ewéi d'Sozialbilan'en an ökonomesch a sozial Auditen. De Sozialdialog an de Betriber, an de Sekteure muss och am Interessi vun der Beschäftegungspolitik verbessert ginn. Dat geet nët vum selwen, dofir brauche mer gesetzlech Reformen. Den OGB◆L verlaangt och hei, datt bis Enn des Joërs Neel mat Käpp gemach ginn. Den Aarbechtsminister muss bis dann säi Projet fir Delegatiounsgesetzer virleeën.

Kolleginnen, a Kollegen,

Erlaabt mer nach e Wuert zu der Beschäftegungspolitik. Bei Entloossunge sinn déi bescht Indemnitéiten keen Trouscht. Wichteg ass eng Aarbecht ze hunn, dofir setze mir eis an.
Ech wëll awer och ënnersträichen, datt déi Dausende vu Chômeuren, déi mer hunn, e Recht op Hëllef an op Respekt hunn. An da gëllt et Aarbechtsplazen ze schafen an duerch eng gudd Bildungs- a Weiderbildungspolitik, och vun de Mënschen déi an eiser Regioun eng Aarbecht sichen, hinnen eng Chance op dës Plazen ze ginn. A mir mussen och un déi denken, déi dës Chance nët kreien, an hei läit d'Bedeitung vun de Beschäftegungsinitiativen, déi ënnerstëtzt musse ginn an déi eng Alternativ sinn, fir Menschen eng sënnvoll Beschäftegung ze ginn an se géint gesellschaftlech Exklusioun, viru materiellem a psycheschem Misär ze schützen.

Kolleginnen a Kollegen,

Haut de Moien ass den Tripartite-Accord, dee mer e Méindeg no enger laanger a kontroverser Diskussioun ugeholl hunn, finaliséiert ginn - a genau sou - wéi et ofgemaach war. Sécher ët ass kee Resultat fir ze jubelen. Niewt Verbesserungen wéi der Erhéijung vum Mindestloun, niewt dem Engagement de Statut unique ze realiséieren, Verbesserungen am Punkt Maintien de l'emploi ze schafen, ass et dorëms gaangen eise Sozialmodell ze erhalen, strukturell dauerhaft Verschlechterungen ofzewieren. A mir waren mat esou Propositioune vun der Regierung konfrontéiert, ouni vun de Fuerderungen vum Patronat ze schwätzen. E Patronat wat a groussen Deeler eigentlech ongerechter Weis vun de Sacrificen vun den Salarieën profitéiert z. B. beim Index. Well mir hunn do jo Kompromisser gemaach, nët wéinst der Situatioun vun eise Betriber, mä wéinst de Staatsfinanzen an de contraintes budgétaires déi mer am Kader vun den europäesche Regelungen hunn. Et ass eis gelongen eise Sozialmodell ze erhalen.

- Den Indexsystem gëtt net geännert, net manipuléiert. D'Ausbezuelung vun den Indextranchen vun 2006, 2007, 2008, 2009 gëtt no hannen zréck gesat, dës Moossnamen si kloer op den 31.12.2009 begrenzt. An am Wahljoër 2009 mussen d'Parteien Faarf bekennen zum Thema Index.
- Den Ajustement gëtt de Rentner nët geklaut, e gëtt décaléiert an an zwou Tranchen ausbezuelt.
- D'Leeschtunge vun de Krankekeesen, vun der Pflegeversecherung ginn net touchéiert.

Den OGB◆L huet säi Mandat erfëllt. Et ass e Kompromess, dee beschten dee méiglech war. D'Regierung an déi zwou Majoritéitsparteien haten e Fuerderungskatalog deen un d'Substanz vum Sozialmodell gaange wier. D'DP huet nach méi



wäitgehend Strukturreforme gefrot an den Diskurs vun deene Gréngen iwwert den Ëmbäu vun eisem Sozialsystem an enger Begrenzung vum Index war eis och keng Hëllef, am contraire. Doniewend huet ee gespuert, datt munchereen eigentlech drop gewaart huet, fir d'Tripartite opfléien ze loossen an domat de Gewerkschaften dat Verhandlungsinstrument ewech ze huelen.

Kolleginnen, a Kollegen,

Bis zu gudder Lescht hunn d'Patronat an Deeler vun der Regierung probéiert eis e nationale Lounpakt opzedrängen, fir datt mir mat eise Fuerderungen ëmmer missten ënnert der Progressioun vun der Produktivitéit bleiwen. Firwat solle mir eis Fuerderungen mässegen, wann ee gesäit, datt ët an engem Secteur boomt an, datt d'Aktionären an d'Manager aus de Chefetagen méi wéi appréciabel Haussen vun hieren Dividenden a Paie kréien ? Et gëtt keen nationale Lounpakt an e Lounstopp bei 4% Wuestum ass nët gerechtfertegt.

Kolleginnen, a Kollegen,

Den Tripartite-Accord gëtt der Regierung elo vill Sputt, e léist hier Finanzproblemer a schaaft Fräiräum fir Politik an den Zukunftsfelder ze maachen. Wann se elo hier Finanzen nët an Uerdnung brénge kann, dann ass ët

definitiv hir eege Schold an da muss si d'Konzequenzen droën. Duerfir mussen elo endlech déi wiirklech Zukunftsproblemer ugepakt ginn. Mir bräuchen eng konsequent, zesummenhängend Wirtschaftspolitik, déi nët nëmmen op Prospektioun an op eng Usammlung vu Virdeeler setzt, fir Betriber unzelackelen. Mir brauchen en Industriekonzept, dat op Qualitéit setzt; dofir bräuche mer méi Zesummenaarbecht an der Groussregioun, méi Fuerschung; mir brauchen héichqualifizéiert Handwierker, Techniker, Ingénieuren; eng Industriepolitik déi op eng Niddreglounpolitik setzt ass keng Alternativ. Och am Dengschtleeschtungsberäich an am Handwierk muss op Qualitéit, Innovatioun a Kooperatioun an der Groussregioun gesat ginn; Zukunftsberäicher wéi Emwelttechnologie, Energieeffizienz, Energiespueren musse konsequent durch vereenzelt Konzepter besat ginn.

E weidere Chantier ass d'Bildungs-, d'Weiderbildungs- an d'Ausbildungspolitik. Do besteet Reformbedarf, mir bräuche méi Chancegläicheet. Mir musse méi jonk Leit zu enger méi héijer a besserer Ausbildung féieren a mir mussen d'Qualitéit vun eisen Diplomer héich halen. Dat geet un mat enger Reform vun der Primärschoul. Déi Reforme mussen op den Instanzenwee bruecht ginn an do muss een op Matbestëmmung setzen, wann een Innovatioun wëllt. Ganzdagschoule sinn an deem Zesummenhang e wichtegt Element fir méi Chancegläichheet, besonnesch wann ee Politikziel ass, datt Mann a Fra sollen zesumme schaffen goën. Mir sinn och domat d'accord, d'Schoulzäit ze verlängeren awer mir sinn géint eng fréizäiteg Selektioun a fir eng besser Orientéierung. Chancegläichheet muss och en Thema sinn no der Primärschoul. Mir bräuchen eng besser Ënnerstëtzung, méi Hëllef, eng besser Qualitéit. Dofir mussen et och nei Weeër ginn fir Kanner déi wiirklech aus dem Schoulsystem erausfalen. D'"Ecole de la 2e chance" muss endlech mat Liewen erfëllt ginn, genausou wéi mir endlech d'Weiderbildung als en eegenen Bildungszweig opmaachen. Mir mussen d'Berufsausbildungsreform innovativ ugoën, och a Verbindung mat der Weiderbildung. A mir bräuchen och zu Lëtzebuerg sou eppes wéi d'Validatioun vun der Berufserfahrung. D'Schoul ass awer nëmmen sou gudd wéi hiert Personal ass. Dofir muss och do op Weiderbildung gesat ginn. A wann ee Reformen mécht, muss ee se mat de Leit a nët géint Leit maachen. A wann ech gesinn wéi d'Diskussioun iwert d'Tache vum Enseignant leeft, soën ech se leeft falsch, sou kann ët nët gemaach ginn. Wann een nët mat de Leit diskutéiert, mee géint se, da mecht een d'Basis futti fir Reformen ze maachen.

E weideren Zukunftsterrain deen och an der Tripartite, do awer ënnert dem finanziellen Aspekt ugepaakt ginn ass, ass d'Energiepolitik. Mir hunn Kioto-Engagementer an et ass och wichteg, datt eppes géint de Klimawandel gemaach gëtt. Dat geet andeems een alternativ Energien fördert, op Energiespuermoosnahmen setzt, an dat ass dann och wirtschaftspolitesch interessant. Mir wëssen, datt mir eis Versuergung mat Gas an Elektresch mussen upaken, datt mir do e staatleche Réseau bräuchen, well d'Energiepolitik däerf nët e Spillball vu privaten Interessen ginn, dat ass en ëffentlechen Déingscht an dee muss an ëffentlecher Hand bleiwen. A wa mir wëllen un eis Noperen ugebonne ginn, da muss een déi Diskussioun méi grouss maachen a se an Verbindung mat der Diskussioun "Nuklearenergie" wéi se am Moment an Europa stattfënnt gesinn. Am Moment gëtt jo sou gemaach wéi wann de Nucléaire d'Aëntwërt wier op d'Petrolspräisser. Grad dëser Deeg gi mir jo un 'Tschernobyl-Katastroph erënnert. Kolleginnen a Kollegen, wann dat wat zu Tschernobyl passéiert ass, hei zu Cattenom passéiert, da bräuche mir eis iwwert d'Zukunft vum Land iwwerhaapt keng Gedanke méi ze maachen, wäll dann ass Lëtzebuerg eliminéiert. Dofir soë mir och nach haut, datt de Nucléaire keng Alternativ ass, an do huet eis Regierung, déi och an Europa eng Stëmm huet, hier Verantwortung z'iwwerhuelen. An an deem Zesummenhang och nach en anere Punkt: mir kréien hei zu Lëtzebuerg eng Waasser-Diskussioun. Beim Waasser wäert de Prinzip pollueur-payeur ugewandt ginn an dee





wäert mat sech bréngen, datt de Präiss vum Waaaser an d'Lut geet. Wann een de Prinzip vum pollueur-payeur och an anere Beräicher vun der Energie applizéiere géif, da wiere verschidde Präisser ganz aanescht wéi se elo sinn, ënner anerem déi vum Uran a vun der Atomenergie.

Ech hunn am Ufank drop higewisen, datt mir hei zu Lëtzebuerg, mee nët nëmme mir, ëmmer méi staark oofhängeg sinn, vun deem wat an Europa décidéiert gëtt, an déi europäesch Konstruktioun, déi europäisch Politik ass an der Kris. Sie ass offesichtlech ginn beim Débat iwwert eng europäesch Verfassung, awer och bei aneren Diskussiounen wéi der Bolkestein-Direktive. Et ass jo nët normal, datt säit 15 Joër op eng Wirtschafts- a Sozialpolitik gesat gëtt, déi jo manifestement nët fonctionnéiert, well soss hätte mir jo kee Chômage. An dofir soën ech, jo, déi lëtzebuergesch Regierung huet probéiert de Stabilitéitspakt ze reforméieren, mee déi Reform geet nët duer. D'Politik vun der Zentralbank muss och geännert ginn a mir brauchen en europäesche Programm fir e wirtschaftlechen Opschwonk a mir bräuchen haaptsächlech e Konzept vun europäesche Sozialstandard'en. Mir mussen dozou kommen, datt dat europäescht Sozialmodell, daat mir verteidegen och mat Substanz opgefëllt gëtt. Dofir musse mir als Gewerkschaft eis Aarbecht weiderféieren um Landesniveau awer och op europäeschem Niveau géint falsch Approchen, wéi de Neoliberalismus firzegoën. Och aner Tendenzen, wéi de Rietsextremismus maache sech a sou engem Emfeld erëm staark.

Hei zu Lëtzbuerg huet ee ronderem d'Tripartite-Diskussioune kloër festgestallt, datt et nëmmen eng konsequent gesellschaftlech Oppositounskraaft gëtt, an dat si mir. Mir mussen de Moteur vum gesellschaftspolitesche Fortschrëtt ginn an dofir musse mir eis Aktiounsformen änneren, dofir musse mir eis als Gewerkschaft stärken, och an deene Secteur'en an deene mir nach nët genuch vertrueden sinn. Mir mussen och méi Leit an d'Gewerkschaft kréien och wann am Contraire zu den aneren Länner mir hei zu Lëtzebuerg nët mat engem Zeréckgoën vun de Membere gehäit sinn, weder relativ, nach absolut. Mä den taux de syndicalisation misst nach verstäerkt ginn, et misst eigentlech esou sinn, datt jiddfereen an enger Gewerkschaft wier.


Kolleginnen, a Kollegen,

Deen 1. Mee ass eise Feierdag a mir feieren en zesummen e Méindeg. Haut hu mir gesot, datt mir eise Sozialmodell verdeedegen mussen. Dat hu mir an der Tripartite gemaach, dat ass eis gelongen. Mä, mir mussen doriwwer eräus eis mobiliséieren fir fortschrëttlech Reformen duerchzesetzen. An da musse mir Allianze mat aner fortschrëttlechen gesellschaftleche Kräfte maachen: dat ass noutwendeg fir eis Stäerkt an den Diskussiounen, am gewerkschaftlechen Debat, ze behalen an ze verdéiwen.

An an deem Sënn, wa mir an déi Richtung weiderfuere, wa mir solidaresch zesummestinn, och wa mir hefteg an kontrovers diskutéiren, da komme mir virun an da kënne mir op dem Wee weidergoën.

Vive den 1. Mee!
Vive den OGB•L!












1er mai
DÉFENDONS NOTRE MODÈLE SOCIAL!
DES RÉFORMES POUR LE PROGRÈS SOCIAL!
OGB·L






Editions Phi
Editions Le Phare

## Quant à la déclaration sur l'état de la Nation

# Le Gouvernement doit agir : l'OGB•L continuera à défendre le modèle social

L'OGB•L constate que la déclaration du Premier ministre sur l'état de la Nation s'articulait principalement autour des conclusions de la Tripartite. L'OGB•L suivra de près l'évolution, particulièrement en matière d'indexation, ainsi que le contenu et la mise en place des réformes annoncées, suivant la mission lui conférée par son Comité national.

Le discours du Premier ministre confirme que, lors des difficiles négociations tripartites, la substance-même de **l'indexation** était visée et qu'ainsi les acquis sociaux des travailleurs étaient sérieusement mis en péril. Toutes ces tentatives ont pu être évitées grâce à la résistance déterminée de l'OGB•L. Le résultat des négociations et l'adaptation d'un modèle de retardement des échéances indiciaires limité au 31.12.2009 est acceptable pour l'OGB•L dans la mesure où il empêche que l'assainissement des finances publiques ne se fasse aux dépens de la protection sociale des gens qui vivent et travaillent au Luxembourg. L'OGB•L se félicite qu'il a réussi à empêcher le retrait de certains produits du panier de la ménagère. La révision régulière de la composition de ce panier - annoncée pour 2007 - doit être limitée à la pondération des habitudes des consommateurs. L'OGB•L réfute toute continuation des discussions sur la neutralisation indiciaire de certains produits et services. Les incessantes revendications patronales en faveur de manipulations structurelles du mécanisme d'indexation sont totalement superflues voire même contreproductives dans la situation actuelle et ceci surtout après les négociations tripartites. Elles contribuent malheureusement à maintenir dans le pays une ambiance fortement nuisible au site économique luxembourgeois.

En matière de **compétitivité**, l'OGB•L refuse toute tentative réduisant la discussion à la seule comparaison de la différence du taux d'inflation avec nos pays voisins. Cette différence s'explique primordialement par le développement économique nettement meilleur du Luxembourg. En plus, ni cette différence, ni l'évolution des salaires ne constituent pour la plupart des entreprises luxembourgeoises, aucun désavantage en matière de compétitivité. Celle-ci n'entrave en rien le développement économique du pays et l'OGB•L souligne qu'il n'y a aucune raison pour pratiquer la modération salariale ou pour pratiquer un gel de salaire. Au Luxembourg, comme dans les autres pays, l'évolution des prix est fortement tributaire de l'évolution du prix du pétrole. Mais, on constate aussi une forte inflation "faite maison" et c'est sur ce point qu'une grande responsabilité incombe aux entreprises luxembourgeoises et au pouvoir public afin d'y apporter - selon l'accord tripartite - un changement de cap.

L'OGB•L prend acte que finalement le **plein emploi**, la lutte contre le chômage et le maintien des emplois - revendication de longue date du syndicat - ont été reconnus comme priorité absolue de la politique et que l'idée des restructurations intelligentes avec en point de mire le **"maintien de l'emploi"** a été reprise, même textuellement, dans le discours du Premier ministre. L'OGB•L tient à rappeler sa revendication formulée il y a un an dans le cadre de la première restructuration chez TDK et massivement appuyée par le Tour de solidarité et l'action de pétition récents.

Dans le même contexte, l'OGB•L revendique que le **dialogue social**, tant prôné par le Premier ministre, ne se limite pas au niveau national, mais qu'il doit également fonctionner tant au niveau sectoriel que dans les entreprises. Voilà pourquoi l'OGB•L revendique la réforme des droits de cogestion. Un projet de loi y relatif doit enfin être présenté. Il est nécessaire pour prouver que les réformes proposées en faveur de l'emploi (maintien de l'emploi) ne restent lettre morte.

L'OGB•L regrette par ailleurs que ni les droits des salariés dans les entreprises, ni la qualité du travail, ni l'amélioration des conditions du travail n'ont été évoqués dans le discours du Premier ministre.

L'OGB•L constate des évolutions négatives dans beaucoup de domaines et ceci en matière de réglementation du temps du travail et de prestation d'heures supplémentaires. Dans ce contexte, les instances publiques (Ministère du Travail, ITM) sont invitées à être plus actives. C'est tout d'abord une mission en faveur de l'emploi.

L'OGB•L constate aussi, qu'en matière d'**orientation de la politique économique et industrielle**, il n'y trouve pas son compte. Celui qui avait osé espérer une orientation innovatrice et progressiste a été déçu.

L'OGB•L ne retrouve pas non plus une stratégie cohérente pour la Grande-Région qui ne doit pas être réduite à une grande galerie marchande: c'est précisément

cette région qui abrite d'énormes potentialités de croissance pour notre économie.

L'OGB•L salue par contre, que la **politique énergétique** n'est plus traitée sous le seul angle de la compétitivité et de l'économie, mais que des réflexions d'ordre environnemental et de l'emploi ont influencé les raisonnements.

L'OGB•L constate aussi, que le développement concret de la **politique d'éducation** fait défaut.

En ce qui concerne la création d'un statut unique et moderne d'ici la fin de l'année, l'OGB•L invite le Gouvernement à entamer sans tarder les discussions avec les syndicats et les organisations patronales.

Pour conclure, l'OGB•L ose espérer que le grand effort exigé de la part des gens qui habitent et travaillent dans notre pays pour équilibrer le budget de l'état et de donner au Gouvernement l'opportunité d'occuper les **chantiers d'avenir**, mènera aux résultats promis.

L'année 2009, année des élections, sera cruciale pour tirer le bilan. A ce moment tous les partis politiques doivent dévoiler leur jeu et dire quel avenir ils réservent au modèle social luxembourgeois.

Si les négociations tripartites se sont soldées par un compromis accepté par l'OGB•L, ce dernier restera néanmoins sur ses gardes. Le modèle social luxembourgeois doit être défendu continuellement et une politique progressiste et de réforme n'est pas garantie politiquement, mais elle doit être conquise.

Communiqué par l'OGB•L
le 4 mai 2006

### Zur Erklärung des Staatsministers zur Lage der Nation

# Die Regierung ist gefordert: für den OGB•L gilt es weiterhin das Sozialmodell zu verteidigen

Der OGB•L stellt fest, dass die Erklärung des Staatsministers zur Lage der Nation sich im Wesentlichen um die Schlussfolgerungen der Tripartite drehte. Der OGB•L wird die weitere Entwicklung, insbesondere in Sachen Index, laut dem Auftrag seines Nationalvorstands aufmerksam verfolgen und die inhaltliche Gestaltung der angekündigten Reformen im Auge behalten.

Die Rede des Staatsministers bestätigt, dass bei den schwierigen Tripartiteverhandlungen die **Indexierung** in ihrer Substanz im Visier war und, dass die sozialen Errungenschaften der Arbeitnehmer somit massiv gefährdet waren. Dies konnte durch den konsequenten Widerstand des OGB•L verhindert werden. Das zustande gekommene Verhandlungsresultat des bis zum 31.12.2009 befristeten Modells verzögerter Indextranchen ist für den OGB•L vertretbar, um eine Haushaltssanierung auf Kosten der sozialen Absicherung der Menschen, die in Luxemburg leben und arbeiten, zu vermeiden. Der OGB•L begrüßt, dass er durchsetzen konnte, dass keine Produkte aus dem Warenkorb genommen werden. Die vom Staatsminister angesprochene reguläre Überprüfung der Zusammensetzung des Indexwarenkorbes - die im Jahr 2007 stattfindet – soll zweckgebunderweise der Gewichtung der Verbrauchergewohnheiten gewidmet bleiben. Eine Fortsetzung der Diskussion über die Indexneutralisierung von bestimmten Waren und Dienstleistungen lehnt der OGB•L ab. Die fortgesetzten Forderungen des Patronats nach strukturellen Manipulationen des Indexmechanismus sind absolut überflüssig und in der aktuellen Lage, also nach den Tripartiteverhandlungen, sehr kontraproduktiv. Sie unterhalten bedauernswerterweise eine Stimmung im Land, die dem Wirtschaftsstandort Luxemburg schwer schadet.

In Sachen **Kompetitivität** warnt der OGB•L erneut vor dem Versuch diese auf die Frage der Inflations-Unterschiede mit unseren Nachbarländern zu reduzieren. Dieser Inflationsunterschied erklärt sich vorrangig durch die viel bessere wirtschaftliche. Entwicklung Luxemburgs. Des Weiteren bedeutet dieser Unterschied für den überwiegenden Teil der luxemburgischen Betriebe keinen Wettbewerbsnachteil, genauso wenig wie die Lohnentwicklung. Diese ist kein Hemmschuh für die wirtschaftliche Entwicklung des Landes und der OGB•L unterstreicht auch weiterhin, dass es keine Ursache für Lohnmäßigung und Lohnstopps gibt. Die Preisentwicklung in Luxemburg ist wie in den übrigen Ländern auch durch die Erdölpreisentwicklung bestimmt. Allerdings gibt

es auch eine starke hausgemachte Inflation und hier tragen sowohl die luxemburgischen Unternehmen als auch die öffentliche Hand eine große Verantwortung und sind gefordert - laut Tripartite - Abmachung - hier eine Kursänderung zu vollziehen.

Der OGB•L nimmt weiter zur Kenntnis, dass das Ziel **Vollbeschäftigung**, das seit jeher sein Anliegen ist, genauso wie die Bekämpfung der Arbeitslosigkeit und der Erhalt von Arbeitsplätzen, endlich von der Politik als absolute Priorität anerkannt wird und das Thema der intelligenten Restrukturierungen mit dem **"maintien de l'emploi"** bis in den Wortlaut des OGB•L hinein in der Rede des Staatsministers aufgegriffen wurden. Der OGB•L erinnert an seine Forderung, die er im Rahmen der ersten Restrukturierung bei der TDK vor einem Jahr erhoben hatte und die durch seine "Tour de solidarité" und die Petitionsaktion vor kurzem massiv unterstützt wurde.

Im gleichen Zusammenhang verlangt der OGB•L, dass der vom Staatsminister viel gepriesene **Sozialdialog** nicht nur auf nationaler Ebene sondern auch auf sektoraler und betrieblicher Ebene richtig funktionieren muss. Der OGB•L verlangt deswegen eine Verbesserung der Mitbestimmungsgesetze. Ein entsprechendes Gesetzesprojekt muss endlich vorgelegt werden. Dies ist notwendig damit die versprochenen beschäftigungspolitischen Reformen ("maintien de l'emploi") nicht bloße Makulatur bleiben.

Der OGB•L bedauert, dass die Problematik der Arbeitnehmerrechte im Betrieb, der Qualität der Arbeit, der Verbesserung der Arbeitsbedingungen keinen Niederschlag in der Rede des Staatsministers gefunden haben.

Der OGB•L stellt fest, dass in Bezug auf die Arbeitszeitregelungen und die Überstunden in vielen Bereichen negative Entwicklungen erkennbar sind. In diesem Zusammenhang sind die staatlichen Instanzen (Arbeitsministerium, ITM) gefordert, stärker aktiv zu werden. Dies ist auch eine beschäftigungspolitische Aufgabe.

Der OGB•L stellt schließlich fest, dass er bei der **Ausrichtung der Wirtschafts- und Industriepolitik** nicht auf seine Kosten kommt. Wer auf eine innovative, fortschrittliche Neuorientierung gehofft hatte, wurde enttäuscht.

Genauso vermisst der OGB•L eine kohärente Strategie für die Großregion, die nicht nur auf eine Einkaufsmeile reduziert werden darf: gerade hier liegen enorme Entwicklungspotenziale für unsere Wirtschaft.

Der OGB•L begrüßt hingegen, dass die **Energiepolitik** nicht nur unter dem Blickwinkel der Kompetitivität und der Wirtschaftspolitik abgehandelt wurde, sondern umwelt- und arbeitspolitische Aspekte mit in die Überlegungen eingeflossen sind.

Der OGB•L stellt weiter fest, dass die konkrete Ausgestaltung der **Bildungspolitik** fehlt.

In Bezug auf die Schaffung eines modernen einheitlichen Arbeitnehmerstatuts, das bis Ende 2006 erarbeitet sein muss, lädt der OGB•L die Regierung ein, unverzüglich die Gespräche mit den Gewerkschaften und den Patronatsorganisationen aufzunehmen.

Abschließend hofft der OGB•L, dass die große Anstrengung die den Menschen, die in unserem Land leben und arbeiten abverlangt wird, um den Staatshaushalt in Ordnung zu bringen und der Regierung die Chance zu geben die **Politikfelder der Zukunft** zu belegen, zu den versprochenen Resultaten führen wird.

Das Wahljahr 2009 wird der kruziale Zeitpunkt sein, wo Bilanz gezogen wird und wo alle Parteien Farbe bekennen müssen, wie es mit dem Sozialmodell Luxemburg weiter gehen soll.

Wenn auch die Tripartiteverhandlungen mit einem vom OGB•L akzeptierten Kompromiss endeten, so bleibt der OGB•L dennoch weiterhin auf der Hut. Das Sozialmodell Luxemburg muss auch weiter verteidigt werden und eine fortschrittliche Reformpolitik ist nicht politisch garantiert, sondern muss durchgesetzt werden.

Mitgeteilt vom OGB•L
am 3. Mai 2006

**IMPRESSUM**

Zeitung des OGB•L "Unabhängiger Gewerkschaftsbund Luxemburg"
Verleger: OGB•L "Onofhängege Gewerkschaftsbond Lëtzebuerg"
Herausgeber für den OGB•L : Jean-Claude Reding
60, bd. J.F. Kennedy • B.P. 149 • L-4002 Esch/Alzette
Editeur responsable pour la Belgique :
Yvon Moinet • FOY 13 B • B-6600 Bastogne
INTERNET: http://www.ogb-l.lu / e-mail: ogb-l@ogb-l.lu
Tel.: 54 05 45-1 • Fax: 54 16 20

Die gezeichneten Artikel stellen nicht unbedingt die Meinung der Redaktion dar. Die Redaktion behält sich Kürzungen der Beiträge vor. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement la position de la rédaction. La rédaction se réserve le droit d'abréger les textes.
Chefredakteur: Chantal Boly - chantal.boly@ogb-l.lu
Koordination: Christiane Wagner - christiane.wagner@ogb-l.lu
Layout: James Vallad - james.vallad@ogb-l.lu
Druck • Impression: Techprint, Esch/Lankelz

# Les principaux axes de l'accord tripartite du 19 avril 2006

## INFLATION / INDEX

### Accord tripartite

Application décalée des tranches indiciaires pour la période 2006-2009 :

- L'application de la prochaine tranche indiciaire, qui serait prévue selon les dernières prévisions pour le mois d'août, est reportée au 1er décembre 2006.
- Aucune tranche indiciaire ne sera appliquée en 2007, étant entendu que les partenaires sociaux et le Gouvernement conviennent de limiter le mécanisme de l'indexation des salaires au paiement d'une tranche indiciaire par an pour les années 2006, 2008 et 2009.
- La tranche indiciaire que les prévisions actuelles annoncent pour 2007 sera reportée au 1er janvier 2008. Elle sera reculée de deux mois supplémentaires, donc au 1er mars 2008, au cas où le prix du baril de pétrole Brent dépasserait les 63 USD en moyenne pour le restant de l'année 2006 et l'année 2007. Dans ce cas de figure, la hausse du prix du pétrole sera compensée par un relèvement de l'allocation de chauffage en 2008.
- L'application de la tranche indiciaire suivante sera fixée au plus tôt au 1er janvier 2009. Le mécanisme de correction lié à l'évolution des prix pétroliers vaut également pour cette tranche indiciaire qui pourrait, le cas échéant, être reportée au 1er mars 2009.

Ces mesures seront appliquées jusqu'au 31 décembre 2009.

Les augmentations de taxes et accises existantes ainsi que les taxes et accises nouvelles prélevées sur certains biens pour être affectées à des objectifs écologiques ou de santé publique, dont notamment les accises prélevées sur les carburants dans le cadre de l'alimentation du Fonds de financement des mécanismes de Kyoto et la hausse des prix de l'eau qui résultera de la mise en application de la directive 2000/60/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 octobre 2000 établissant un cadre pour une politique communautaire dans le domaine de l'eau, seront neutralisées du point de vue de l'échelle mobile des salaires.

### Les revendications du patronat et du Gouvernement

**Gouvernement**

- Non-application définitive de la tranche indiciaire prévue pour 2006
- Introduction d'une tranche indiciaire maximale (2 x SSM)
- limitation à une tranche indiciaire par période de 15 mois
- décalage définitif de 4 mois de la quote d'application de l'indice
- changements dans la composition du panier de produits à la base de l'indice des prix (retrait de l'alcool, du tabac et éventuellement de l'essence)

**Patronat**

Les mesures préconisées par le Gouvernement sont largement insuffisantes par rapport à l'objectif visé en matière de compétitivité économique:

- Limitation de l'indice à 1,5 x SSM et à une tranche par 18 mois
- Neutralisation des augmentations des prix de certains biens et services
- Révision de la composition et de la pondération du panier des biens et services

## MAITRISE DES PRIX

- Pour mieux suivre l'évolution de la compétitivité du commerce luxembourgeois par rapport à celle des régions environnantes, un indicateur comparatif des prix dans la « Grande Région » sera introduit.
- Il sera procédé à la désindexation des contrats conclus par l'Etat en limitant la répercussion de l'indexation sur le seul volume de la masse salariale incluse dans les contrats.
- Le Gouvernement poursuivra une politique prudente et évitant les à-coups au niveau de l'adaptation des prix administrés.
- Des accords volontaires de maîtrise des prix seront conclus.

## DESINDEXATION DES PRESTATIONS FAMILIALES

Afin de créer les marges budgétaires suffisantes pour financer les nouvelles priorités dans le domaine de la politique familiale, les partenaires sociaux et le Gouvernement conviennent de désindexer le forfait d'éducation et les prestations versées par la Caisse nationale des prestations familiales. Dans un souci d'équité sociale, le Gouvernement élaborera, en tenant compte des travaux du Conseil économique et social et en examinant le mécanisme des abattements fiscaux existants, un système de crédits d'impôts. Un accord concernant les mécanismes et les modalités d'application de ce système devra être trouvé d'ici le 1er janvier 2008 entre les parties représentées au Comité de Coordination tripartite. Ce système deviendra opérationnel en 2008.
A défaut d'un tel accord, les prestations seront soumises à nouveau, à partir de janvier 2008, au mécanisme de l'indexation automatique.

**Gouvernement**
Désindexation définitive des prestations familiales.

## AJUSTEMENT DES RENTES ET PENSIONS

L'ajustement des rentes et pensions prévu pour le 1er janvier 2007 sera reporté et échelonné. Les rentes et pensions seront relevées de 1% à partir du 1er juillet 2007, puis de 1% à partir du 1er juillet 2008.

**Gouvernement**
Suppression de l'ajustement des rentes et pensions à échoir en 2007.

**Patronat**
L'abolition pure et simple du mécanisme d'adaptation.





## AUGMENTATION DU TAUX DE COTISATION DE L'ASSURANCE-DEPENDANCE

Le taux de la contribution dépendance à charge des assurés passera le 1er janvier 2007 de 1% à 1,4%. La participation de l'Etat au financement de l'assurance dépendance est gelée à son montant nominal inscrit au budget 2006. Les partenaires sociaux et le Gouvernement conviennent de renégocier le financement de l'assurance dépendance fin 2009.

**Gouvernement**

- Plafonnement de la contribution de l'Etat à 140 millions
- Diminution progressive de la participation de l'Etat à 33%
- Relèvement du taux de la contribution dépendance de 1,0 à 1,4%

## AUGMENTATION DU TAUX DE L'IMPOT DE SOLIDARITE

En vue du financement des indemnités de chômage et convaincus de la nécessité d'un effort de solidarité supplémentaire en vue du financement de la lutte contre le chômage, les partenaires sociaux et le Gouvernement décident de relever le taux de l'impôt de solidarité de 1% au 1er janvier 2007. Le taux applicable aux personnes physiques sera porté de 2,5 à 3,5%, celui des collectivités (entreprises) s'établira à 5% (avant 4%).

**Patronat**

La charge additionnelle doit être supportée, le cas échéant, par les personnes physiques. Toute charge additionnelle pour les entreprises est à proscrire pour des raisons évidentes de perte de compétitivité.

## ADAPTATION DU SALAIRE SOCIAL MINIMUM

Le salaire social minimum sera augmenté au 1er janvier 2007 sur la base de l'évolution salariale globale des deux dernières années (environ 2%).

**Gouvernement**

- Maintien du système du salaire social minimum
- Pas de déclaration sur l'adaptation du salaire social minimum
- Introduction d'un salaire social minimum de formation et de qualification (proposition L. Fontagné : 60% du SSM)

**Patronat**

- L'adaptation du salaire social minimum est à proscrire.

## EVOLUTION DES SALAIRES

Le Gouvernement et les partenaires sociaux conviennent que la politique salariale doit dans le moyen terme respecter l'évolution de la productivité générale de l'économie luxembourgeoise. Ils rappellent leur engagement pour une politique salariale qui prend en considération la situation spécifique des différents secteurs et entreprises et qui est menée en toute autonomie par les partenaires concernés.

**Gouvernement**

Forger un pacte pour la modération salariale, la progression des salaires devant rester inférieure à la progression de la productivité.

## MESURES EN FAVEUR DE L'EMPLOI / MAINTIEN DANS L'EMPLOI

Des propositions visant :

- le maintien dans l'emploi
- l'emploi des jeunes (offre d'une mesure active en faveur de l'emploi à tout jeune au plus tard de 6e mois de son inscription)
- le chômage partiel et différentes autres mesures

ont été présentées et seront discutées et finalisées au sein du Comité permanent de l'emploi.

## INTRODUCTION DU STATUT UNIQUE

Le Gouvernement et les partenaires sociaux sont tombés d'accord pour faire converger le statut des ouvriers et des employés privés en vue de réaliser un statut unique de tous les salariés du secteur privé. Ils s'inspireront, en aménageant cette convergence, du statut des employés privés, notamment en ce qui concerne la continuation des salaires en cas de maladie et sa durée. La réalisation du statut unique ne conduira pas à des charges financières supplémentaires pour l'économie dans son ensemble. Le Gouvernement et les partenaires sociaux déclarent que les problèmes spécifiques aux secteurs doivent trouver réponse dans le cadre des négociations relatives à la réalisation du statut unique dont le terme est prévu pour la fin de l'année 2006.

## SECURITE SOCIALE

Sans prendre de décisions définitives les partenaires sociaux encouragent toutes les mesures tendant à privilégier l'utile et le nécessaire afin de prévenir une situation déficitaire des caisses de maladie. Si d'une manière subsidiaire des moyens supplémentaires devaient s'avérer nécessaires, les partenaires sociaux se déclareraient d'accord avec un relèvement des taxes sur le tabac et les alcools « durs » et ceci sans impact sur l'indice des prix et étudieraient l'opportunité de procéder à un déplafonnement plutôt qu'à une augmentation généralisée des cotisations.

## LOGEMENT

Des mesures supplémentaires seront indispensables pour baisser respectivement stabiliser le prix du foncier et de l'habitat.

- Il est proposé, entre autres, de conclure un pacte « logement » avec les communes.
- Parmi les autres mesures figurent la promotion du recours à l'emphytéose et la mise en oeuvre d'une politique active de maîtrise du foncier.
- Sur le plan fiscal des mesures seront prises afin de favoriser la cession de terrains et d'immeubles d'habitation à l'Etat et aux communes.

Il est en outre envisagé d'introduire des mesures pour lutter contre la spéculation respectivement la rétention immobilière et la non-occupation de logements construits.

## AUTRES ENGAGEMENTS DU GOUVERNEMENT

Les grands engagements financiers supplémentaires de l'État porteront dans les années à venir sur la politique de la famille, la participation de l'État au financement des dépenses de sécurité sociale, le développement des transports publics, la sécurité des personnes, la politique environnementale et la politique du logement. A ce titre, l'accent sera mis sur l'accueil des élèves en dehors des heures de classe et sur la multiplication des foyers de jour pour enfants. La conciliation de la vie professionnelle et de la vie privée sera facilitée.

Les partenaires sociaux et le Gouvernement conviennent de la nécessité de développer les politiques en faveur de la croissance à long terme telles que l'enseignement supérieur, l'éducation nationale, l'innovation et la recherche, la politique énergétique ainsi que les infrastructures de transport et de télécommunications.

# OGB•L un syndicat à votre écoute

## PERMANENCES RÉGIONALES

**DIFFERDANGE - L-4620 - 4, rue E. Mark**
Tél.: 58 82 86 - Fax: 58 34 56 - regionale.differdange@ogbl.lu
Responsable : Gérard Müller
*Mardi : 9.00 - 12.00 hrs - Mercredi : 14.00 - 17.00 hrs*
*Jeudi : 15.00 - 18.00 hrs*

**DUDELANGE - L-3441 - 31, av. G.D. Charlotte**
Tél.: 51 50 05-1 - Fax: 51 50 05-29 - regionale.dudelange@ogbl.lu
Responsables : Romain Clees, René Manderscheid
*Lundi, mercredi : 14.00 - 17.00 hrs*
*Mardi, jeudi, vendredi : 10.00 - 12.00 / 14.00 - 17.00 hrs*

**ESCH/ALZETTE - L-4002 - 60, bd J.F. Kennedy**
Tél.: 54 05 45-1 - Fax: 54 16 20 - regionale.esch@ogbl.lu
Responsables : Anne-Marie Antinori, Robert Molitor, Yasmine Lorang
*Lundi : 14.00 - 17.00 hrs*
*Mardi, vendredi : 10.00 - 12.00 / 14.00 - 17.00 hrs*
*Jeudi : 10.00 - 12.00 / 14.00 - 17.00 hrs*

**ETTELBRUCK - L-9052 - 6, rue Prince Jean**
Tél.: 81 90 01-1 - Fax: 81 97 13 - regionale.ettelbruck@ogbl.lu
Responsables : Frank Arndt
*Lundi : 9.00 - 11.45 hrs (sur rdv)*
*Mardi : 8.00 - 11.45 / 13.00 - 16.00 hrs*
*Mercredi : 13.00 - 17.00 hrs (sur rdv) - Jeudi : 8.00 - 11.00 hrs*

**GREVENMACHER - L-6720 - 4, rue de l'Eglise** - Tél.: 75 80 35
Responsable : Romain Clees
*Mercredi : 15.00 - 18.00 hrs*

**LUXEMBOURG - L-1490 - 19, rue d'Epernay**
Tél.: 49 60 05-1 - Fax: 48 69 49 - regionale.luxembourg@ogbl.lu
Responsables: Jeff Medvescek, Viviane Jeblick,
Anne-Marie Bohr, Eduardo Dias
*Mardi, jeudi : 9.00 - 11.30 hrs / après-midi sur rendez-vous*
*Lundi, mercredi, vendredi sur rendez-vous*

**RODANGE - L-4818 - 72, av. Dr Gaasch**
Tél.: 50 73 86 - Fax: 50 44 81 - regionale.rodange@ogbl.lu
Responsables : Gérard Müller, Yvon Moinet, Jacques Delacollette
*Mardi, vendredi : 14.00 - 17.00 hrs - Mercredi : 9.00 - 12.00 hrs*

**WILTZ - L-9557 - 2, rue Michel Rodange** - Tél.: 95 72 70
Responsable : Frank Arndt
*Jeudi : 14.00 - 17.00 hrs*

## PERMANENCES LOCALES

**BASCHARAGE - L-4940 - 143, av. de Luxembourg**
Tél./Fax: 26 50 27 74 - Responsable : Marcel Haan
*Mardi et jeudi : 17.00 - 19.00 hrs*
*Mercredi : 18.30 - 20.30 hrs - Samedi : 10.00 - 12.00 hrs*

**KAYL - L-3650 - 7, Grand-rue** - Tél.: 56 32 63
Responsable : Raymond Kauffmann
*Mardi : 19.00 - 21.00 hrs*

**BELVAUX/SOLEUVRE - L-4470 Soleuvre - 1, rue Emile Mayrisch**
Tél./Fax: 59 51 63 - Responsable : Claude Schneider
*Jeudi : 16.30 - 17.30 hrs*

**RUMELANGE - L-3730 - 23, Grand-rue**
Tél.: 56 37 35 - Tél./Fax: 26 56 15 75
Responsables : Eugène Bausch, Charles Biasini
*Jeudi : 16.00 - 18.00 hrs*

**SCHIFFLANGE - L-3850 - 28, avenue de la Libération**
Tél.: 54 13 29
Responsable : Edmond Becker
*Mercredi : 17.15 - 19.00 hrs*

## PERMANENCES SPÉCIALES

### OGB•L / ACAL
**Bertrange/Helfent - L-8080 - 38, route de Longwy**
Tél.: 26 02 14-1 - Fax: 26 02 14-33 - acal@ogbl.lu

### SBA SYNDICAT BANQUES ET ASSURANCES
**Luxembourg - L-1490 - 19, rue d'Epernay**
Tél.: 26 49 69-0 - Fax: 26 49 69-433 - ogblsba@pt.lu

### CONSULTATIONS EURES TRANSFRONTALIÈRES
**EURES PED**
Yvon Moinet à Rodange, Arlon, Bastogne, Aywaille
**EURES Sarre-Lor-Lux Rhénanie-Palatinat**
Romain Clees à Dudelange et à Grevenmacher

### SYNDICAT BÂTIMENT - PERMANENCIAS "CONSTRUÇÃO"
**Ettelbruck - L-9052 - 6, rue Prince Jean** - Tél. 81 90 01-1
*Jeudi (Quinta-Feira) : 14.30 - 18.00 hrs (ou sur rdv)*
**Wiltz - L-9557 - 2, rue Michel Rodange** - Tél. 95 72 70
*Mardi (Terça-Feira) : 14.30 - 18.00 hrs (ou sur rdv)*

### DÉPARTEMENT DES TRAVAILLEURS HANDICAPÉS
*Mercredi : permanence téléphonique au* tél. 26 84 56 45
*8.00 - 12.00 / 14.00 - 18.00 hrs*

## PERMANENCES EN RÉGION FRONTALIÈRE

### EN FRANCE

**Audun-le-Tiche - F-57390 - 64, rue Maréchal Foch - BP 41**
Tél.: (+33) (0)3 82 50 32 50 - Fax: (+33) (0)3 82 50 32 53
ogbl@wanadoo.fr
*Mardi : 14.00 - 17.45 hrs*
*Jeudi : 14.00 - 17.45 hrs*

**Thionville - F-57100 - 8, rue du Cygne**
(Bureau de l'union locale CGT)
Tél.: (+33) (0)3 82 54 27 90
*Mercredi : 14.00 - 17.00 hrs*

**Volmerange-les-Mines - F-57330 - 2, rue des Ecoles**
Tél.: (+33) (0)3 82 50 61 51
*Lundi, Jeudi : 15.30 - 17.00 hrs*

### EN BELGIQUE

**Arlon - B-6700 - rue des Martyrs, 80** (FGTB)
Tél.: (+32) 63 23 00 50 - Fax: (+32) 63 22 64 32
*Jeudi : 09.00 - 12.00 hrs*

**Athus - B-6791 - rue des Usines, 16A** (FGTB)
Tél.: (GSM) (+32) 0477 26 88 89
*Mercredi, vendredi : 14.00 - 17.00 hrs*

**Aywaille - B-4920 - rue Louis Libert, 22** (FGTB)
Tél.: (+32) 04-384 81 52
*les 1er et 3ème lundi et jeudi du mois : 14.30 - 17.30 hrs*

**Bastogne - B-6600 - rue des Brasseurs, 8a** (FGTB)
Tél.: (+32) 61 21 19 87
*Samedi : 09.00 - 12.00 hrs*

### IN DEUTSCHLAND

**Bettingen - D-54646 - Burgweg 10**
Wolfgang Schnarrbach
Tel.: (+49) (0) 6527 - 12 79 - Fax: (+49) (0) 6527 - 93 38 61
W.Schnarrbach@t-online.de

jv 05 /2006